Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 05/03/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

An engem Communiqué vum 7te Juli 2025 vum European Public Prosecutor's Office (EPPO) gouf matgedeelt, dass zu Lëtzebuerg eng Enquête amgaangen ass wéinst presuméierte Subventiounsbedruch am Beräich vum ëffentlechen Transport, woubäi et ëm ee Montant vu ronn 23 Milliounen Euro geet, deen u Busfirmen ausbezuelt gouf, déi Suen akasséiert hunn, fir d'Benotzung vun Elektrobusser, obschonn Diesel- oder Hybridbusser agesat goufen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Ass de ganzen RGTR-Reseau vun der Enquête betraff oder just eng oder verschidde Busfirmen, déi fir den RGTR operéieren?
2. Huet de Mobilitéitsministere verstäerkt Kontrollen agefouert, fir sécherzestellen, datt d'Konditioune vun ëffentleche Kontrakter am RGTR-System agehale ginn a fir méiglechen Subsidbedruch an Zukunft ze verhënneren?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten